

Alt nees: D'Natureschoul op Youtube

Gitt op Youtube eisen drëtte Film kucken : De Jorsch bei de Pissblummen

Hei de Link:

https://youtu.be/jTfD1P_evAE

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

1. *Wéi heescht d'Pissblumm op Däitsch?*

- Löwenmaul
- Haifischzahn
- Löwenzahn

2. *Wéi ass de Still?*

- huel, mat Picken, mat enger Flëssegkeet, di op der Haut brennt
- hoart, mat Picken, mat klenge Lächer
- huel, mat Hoer, mat enger Flëssegkeet, di Flecken op de Kleeder ka maachen

3. *Wat ginn d'Insekten un d'Bléi sichen?*

- Hunneg a Som
- Nektar a Pollen
- Kären an Haarz


4. *Wi vill richteg kleng Eenzel-Bléie stinn an dem "Bléiekuerf"?*



- ëm di 20
- ëm di 200
- ëm di 200 000

5. *Wat mécht d'Blumm, wann et reent?*

- si mécht d'Bléi zou
- si leet hir gring Blieder iwwert d'Bléi
- si léisst hir Bléieblieder falen



6. *Ween transportéiert Pissblumme-Som op déi Plaz, wou eng nei Blumm wuesse kann?*

- d'Wiichtelcher
- de Wand
- d'Beien



Hei kanns de eis schéi Pissblumme-Kroun nobastelen:

https://www.youtube.com/watch?v=p_ZkNCLvKuU